23. Januar 2026

#1/2026

# CSV DIREKT
## D'NEWSLETTER VUN DER CSV-FRAKTIOUN

An der éischter ëffentlecher Sëtzung vum Joer 2026 krut d'CSV mam **Georges Mischo** en neien Deputéierten an d'Fraktioun.
Nieft enger Rei Gesetzer, déi gestëmmt goufen, stoungen awer och direkt e puer **Aktualitéitsstonnen** um Ordre du Jour, wou et ëm déi **international Aktualitéit** am Venezuela, Grönland an am Iran gaangen ass, an awer och eng Diskussioun iwwert den **Accès vu Kanner a Jugendlechen zu de soziale Medien**. Weider Präzisiounen an och all d'Rieden am Video fannt der wéi gewinnt hei an eiser Newsletter.

---

## DE REGIMM AM IRAN MUSS FALEN



Zanter engem knappe Mount geet d'Vollek am Iran op d'Strooss, fir géint hir Regierung ze protestéieren. Den CSV-Fraktiounschef **Laurent Zeimet**

hat eng Aktualitéitsstonn zum Sujet an der Chamber ugefrot, an huet dem iranesche Vollek säi Respekt ausgeschwat, ee Respekt, deen de Regimm zu Teheran net verdéngt. Een autoritäre Regimm, deen seng eege Leit ënnerdréckt an ëmbréngt.
Dofir war et och déi kloer Ausso vum Laurent Zeimet : De Regimm am Iran muss falen. “Mir ënnerstëtzen ee fräien an demokrateschen Iran”. Den CSV-Fraktiounschef bedauert, dass d’Leit am Iran awer eleng gelooss ginn. Och d’EU dierft net bei eidele Wierder bleiwen. Eng Resolutioun mat der Opfuerderung fir d’Revolutiounsgarden op d’Lëscht vun den terroristeschen Organisatiounen ze setzen, ass eestëmmeg an der Chamber ugeholl ginn.

---

## *KRITIK UN AMERIKA*
## *NET UN DEN AMERIKANER*



D’Weltlag ännert quasi am Minuttentakt, esou den CSV-Fraktiounschef **Laurent Zeimet** am Kader vun enger Aktualitéitsstonn zu de rezente Revendicatiounen an Aktioune vun den USA.
D’Interventioun vun den Amerikaner am Venezuela wier géint d’internationaalt Recht, och wann ee Regimm, wéi dee vum Maduro, dee

géint säi Vollek virgeet, misst zur Verantwortung gezu ginn.
Wat Grönland ugeet, huet de Laurent Zeimet d’Absichte vum President Trump als absurd an als Oflenkung bezeechent, besonnesch am Kontext vun de grousse geopolitesche Krisen.
“Mir kritiséieren d’USA fir esou e Virgoen, mä net dat amerikanescht Vollek”, esou de Laurent Zeimet, deen op déi laang a wichteg Partnerschaft mat den USA agaangen ass. An Amerika, an och am Vatikan, géifen et och aner, méi versönlech Stëmmen, déi op Dialog setzen.
Am Kontext vum Krich an der Ukrain huet den CSV-Fraktiounschef ënnerstrach, wéi wichteg d’USA fir Europa sinn, mee och datt Europa seng Verdeedegung an ekonomesch Stäerkt weider ausbaue muss. Europa däerf sech net erpresse loossen a soll gemeinsam, entschloss a solidaresch handelen.

---

## *816 MILLIOUNEN EURO FIR D'SÉCHERHEET*



Nom Erfolleg vum Kommunikatiounssatellit GovSat-1, huet d’Chamber dës Woch eng Enveloppe vun 816 Milliounen Euro fir de GovSat-2 gestëmmt.
D’Kommunikatioun ass ee wichtegt Element vun der Sécherheet, esou den CSV-Deputéierten **Alex Donnersbach**, dee betount huet, dass mir als klengt Land do mussen hëllefen an investéieren, wou mer ee Mehrwäert a Kompetenzen hunn. Mat dësem Projet weise mer, dass mer net just delegéieren, mä Verantwortung iwwerhuelen.

## *SOZIAL MEDIEN :*
## *KANNER BESSER SCHÜTZEN*



“Et ass eis Aufgab, deene Jonken ee séchere Kader ze bidden, wou d’Technologie dem Mënsch déngt, an net ëmgedréit”, esou den CSV-Deputéierte **Ricardo Marques** am Kader vun enger Aktualitéitsstonn iwwert den Accès vu Kanner a Jugendlechen zu de soziale Medien. Australien huet deen Zougang viru kuerzem fir Jonker ënner 16 Joer verbueden. Och mir mussen handele, mä mat Fangerspëtzegefill. Mir mussen d’Kanner aus der digitaler Bulle eraus huelen, mä eis Decisiounen och gutt erklären.

Et ass och eng Fo vu mentaler Gesondheet, an dat, a generell de Schutz vu Kanner a Jugendlechen, ass eng Prioritéit vun der CSV.

Et geet hei net ëm ee generellt Internetverbuet, huet d’Justizministerin **Elisabeth Margue** kloer gestallt, mä et muss awer eng Léisung fonnt ginn, wat den Ëmgank mat de soziale Medien ugeet. D’Regierung huet eng kloer Prioritéit fir eng europäesch Léisung. Sollt dat awer net méiglech sinn, wäert Lëtzebuerg handelen. Een interministerielle Grupp schafft zanter dem Summer un deem Thema.

Ried an der Chamber vum E. Margue

## *ASBL'EN TËSCHT REGLEMENTATIOUN A BENEVOLAT*



Vill ASBL’en, an domadder vill Benevollen, hu Problemer mat de méi strenge Reglementatiounen, déi zanter e puer Joer gëllen.
Den CSV-Deputéierte **Laurent Mosar** wollt an enger erweiderter Fro vun der Justizministerin wëssen, ob eng administrativ Vereinfachung, notamment fir déi kleng Veräiner, virgesinn ass.
D’Ministerin **Elisabeth Margue** ass och der Meenung, dass déi Fräiwëlleg an de Veräiner net sollten duerch administrativ Hürden demotivéiert ginn, et missten awer verschidde Reegele ginn, ënnert anerem wéinst de Gesetzer iwwert d’Geldwäsch. Et gëtt dann och de Moment un informatesche Léisung geschafft, fir besonnesch och de Veräiner ze hëllefen, a fir si ass och ee speziellen Helpdesk en place.

---

## *REFORM VUM MUSEKSUNTERRECHT*



D’Gesetz vun 2022 iwwert de Museksunterrecht, ass no 3 Joer, esou wéi et  deemools an enger Motioun vum Octavie Modert gefrot gi war, op de Leescht geholl ginn. Vill Positives gouf bei der Evaluatioun zeréck behalen, mä et goufen awer och e puer Schwaachpunkten detektéiert an elo ugepasst.
Den CSV-Deputéierte **Jean-Paul Schaaf** huet am Numm vun der CSV begréisst, dass d’Gemengen an Zukunft finanziell besser ënnerstëtzt, an d’Schoulorganisatioun an d’Offer vun de Coursen ugepasst ginn. Domadder gëtt de wäertvolle Museksunterrecht op méi sécher Féiss gestallt.
Dëst ass Bildungs-, Sozial- a Kulturpolitik an een Invest an d’Mënschen am Land.

---

## *EEN OBSERVATOIRE FIR DE KULTURSECTEUR*



De Kultursecteur entwéckelt sech séier, an et ass wichteg fir konkret Daten iwwert dëse Secteur ze hunn. Dofir gouf elo een “Observatoire de la Culture” an d’Liewe geruff. Dësen Observatoire war och eng Recommandatioun am Kulturentwécklungsplang 2018-2028.
D’CSV Deputéiert **Octavie Modert** huet nach emol begréisst, dass den Accès op d’Kultur, an d’Recht op kulturell Entfalung och an der leschter Verfassungsännerung festgehale goufen.
Mam neien Observatoire kënne Bedürfnisser, Baustellen a Stäerkte méi kloer identifizéiert ginn.

---

## *DRÉNKWAASSER AUS DER MUSEL*



D’Chamber huet d’Gesetz vun 1962 iwwert d’SEBES an d’Drénkwaasserversuergung aus dem Reservoir vun Esch-Sauer dës Woch ofgeännert.
Et geet do ëm d’Gouvernance, mat der Paritéit tëscht Staat an dem kommunale Secteur, mä et geet awer och ëm nei Missioune vun der SEBES, esou de Rapporter, den CSV-Deputéierte **Jeff Boonen**.
D’SEBES kann a soll an Zukunft an erneierbar Energien investéieren, an, ganz wichteg, d’Waasser aus der Musel soll zu Drénkwaasser ginn.
Dëst huet och den Ëmweltminister **Serge Wilmes** begréisst, dee betount huet, dass mer spuersam mat der wichteger Ressource Waasser missten ëmgoen. Bis de Summer soll och eng Waasser-Resilienz-Strategie stoen.

**Ried an der Chamber vum S. Wilmes**

---

## *D'PRISONGSGESETZ GOUF UN D'PRAXIS UGEPASST*



No den éischte Joren Experienz um Terrain vun der grousser Reform vum Prisongswiese vun 2018, gouf elo nogebessert.
Dëst Gesetz schaaft méi Kloerheet bei Prozeduren an Delaien, gëtt wichteg Praxisléisungen, schaaft eng legal Basis fir d'Commission consultative aux longues peines an d'Asetze vu Sichhënn, an encadréiert d'Reliouns- a Meenungsfräiheet am Prisong am Respekt vun de Grondrechter. Gläichzäiteg ginn d'Sécherheetsreegelen, d'Disziplin, sou wéi de Kampf géint d'Abrénge vun illegale Substanzen an de Prisong, kloer gereegelt.
Mat der Schafung vun engem kriminologesche Service gëtt de Fokus méi staark op Evaluatioun, Preventioun an d'Reduktioun vun der Réckfällegkeet geluecht. D'CSV-Fraktioun, esou d'Rapportrice **Stéphanie Weydert**, ënnerstëtzt dëse Projet, well en d'Sécherheet an d'Grondrechter an e gesond Gläichgewiicht bréngt an et wichteg ass, no sou grousse Reformen, der Experienz vum Terrain Rechnung ze droen. Dëst Gesetz mécht d'Prisongsverwaltung méi efficace, esou d'Justizministerin **Elisabeth Margue**.

Ried an der Chamber vum E. Margue

---

## *ANNEXE VUM LYCÉE GASTON THORN ZU STROOSSEN*



D’Chamber huet d’Finanzéierungsgesetz iwwer 72 Milliounen Euro, fir de Kaf vun 2 Parzelle vun am ganzen 2,16 Hektar zu Stroossen, ugeholl. Wéi d’Rapportrice **Diane Adehm** erkläert huet, soll op dësem Terrain eng Annexe vum internationale Lycée Gaston Thorn entstoen. Hei ass da Plaz fir 1’900 Schüler am Secondaire. Nieft der Schoul sinn och eng Schwämm an aner Sportinfrastrukture virgesinn.

Ried an der Chamber vum G. Roth

---

## *TALENTER UNZÉIEN, TALENTER HALEN*



Eis Finanzplaz muss weider attraktiv a kompetitiv bleiwen. Dofir musse mir net nëmmen Talenter aus dem Ausland unzéien, mä och d’Talenter hei am Land behalen. Dat sot de Rapporter **Laurent Mosar** am Kader vum Gesetz iwwert déi sougenannt “carried interest” , also eng speziell steierlech Reegelung fir Fongemanager, déi un der Performance vun de Fonge bedeelegt ginn.

Mat deem System stäerke mer d’Kompetitivitéit an d’Attraktivitéit vun der Fongenindustrie a vun der Finanzplaz, esou de Laurent Mosar.

Mir sinn eng attraktiv Fongeplaz zanter den 80er Joren, huet de Finanzminister **Gilles Roth** ënnerstrach, a mat dësem Regimm gëtt dee wichtegen Deel vun eiser Ekonomie weider gestäerkt.

Ried an der Chamber vum G. Roth

---




## ENG GESETZLECH BASIS FIR SPORTSKOORDINATOREN




"D'Sportskoordinatore spillen eng wichteg Roll an de Gemenge, fir de Sport ze fërderen an ze vernetzen", esou den CSV-Deputéierte **Charel Weiler**. Hie wollt vun der neier Sportministerin wëssen, wéi si d'Roll vun de Koordinatoren an der Sportspolitik gesäit, an och wéi kloer, transparent a rechtssécher Strukture kënne geschafe ginn.
Déi rechtssécher Basis kënnt, esou déi zoustänneg Ministerin, **Martine Hansen**. Wat de Moment iwwer Konventioune gereegelt gëtt, soll eng gesetzlech Basis kréien. Dernieft sollen och Formatiounen ugebuede ginn, en Austausch tëscht dem Ministère an de Sportskoordinatoren, an de Ministère hëlleft och beim Ausschafe vun Aktiounspläng, wann dat gewënscht ass.

---

## *MOBILITÉITSPRIM AN ZUKUNFT VIR-FINANZÉIERT*




De Weekend fänkt den Autofestival un, an den CSV-Deputéierte **Marc Lies** huet an deem Kontext nom Bilan vun der Elektromobilitéit gefrot, an och ob weider Initiative geplangt sinn, fir nach méi Leit dozou ze brénge, fir vun der fossiller Energie op Elektresch ëmzeklammen. Den Ëmweltminister **Serge Wilmes** konnt dann och nei Mesuren ukënnegen, ënnert anerem déi, dass vum nächste Joer un, esou wéi bei der Photovoltaik, d'Mobilitéitsprim am Viraus ausbezuelt gëtt.
32'000 esou Subventioune goufe bis elo akkordéiert, an 12,7 Prozent vum Fuerpark zu Lëtzebuerg si reng elektresch respektiv Plug-In-Hybrid Gefierer.

---

## *WAT BEDEIT DEN EU-MIGRATIOUNSPAK FIR STRUKTUREN ZU LËTZEBUERG ?*




D'Zuel vun den Asylunträg zu Lëtzebuerg ass déi lescht 2 Joer zeréck gaangen, a kéint duerch den europäesche Migratiouns- an Asylpak weider erof goen. Domadder dierften also d'Strukture vum ONA, dem Office national de l'accueil, och entlaascht ginn. An deem Kontext wollt d'CSV-Deputéiert **Nathalie Morgenthaler** wëssen, ob déi Strukturen, déi a leschter Zäit an der Kritik stoungen, prioritär entlaascht ginn an ob a Strukturen, wéi dem Don Bosco, d'Situatioun vun de Bewunner konnt verbessert ginn. Dernieft war et d'Fro ob den EU-Migratiounspak och Ännerunge bei der Betreiung, respektiv de Strukture mat sech bréngt.

---

## *D'CSV FRAKTIOUN ASS ERËM KOMPLETT*



Nodeems de Marc Spautz Enn Dezember als neien Aarbechtsminister vereedegt gi war, ass seng Plaz an der Chamber zanter dëser Woch erëm besat. De **Georges Mischo** ass an der éischter Sëtzung vum Joer vereedegt ginn, a vertrëtt d'CSV ënnert anerem an de Kommissioune fir Gesondheet, Kultur, Medien a Fonction publique.
Bonne Chance Georges !

---

## *PODCAST MIKROSKOP MAM JEAN-PAUL SCHAAF*




An der neitster Episod vun eisem Podcast, ass de **Jean-Paul Schaaf** den Invité. 20 Joer laang war de Jean-Paul Buergermeeschter vun Ettelbréck, an virun iwwer 20 Joer ass hien och eng éischte Kéier um Krautmaart vereedegt ginn. Mir schwätzen iwwert déi zwee Mandater, iwwert d'Nordstad, an natierlech kucke mer och, wat de Jean-Paul Schaaf a senger knapper Fräizäit mécht. Dir kënnt dës, an déi aner Episode vu MIKROSKOP, gratis op de gewinnte Plattforme lauschteren.

Gratis op Spotify

Gratis op Apple Podcast

---

*CSV FRAKTIOUN 2026*



Op der Foto feelt de Chamberpresident Claude Wiseler

Ënnert der Verantwortung vun der CSV-Fraktioun.
Är 21 CSV-Deputéiert am Asaz fir Iech an der Chamber.
Internetsite | Kontakt
Am Fall, wou Dir d'Newsletter net weider wëllt kréien, kënnt Dir eis dat gäre matdeelen, andeems Dir op dëse Mail mat engem entspriechende Message äntwert.